PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
22 FEV. 2019
Question élargie N°5

Lëtzebuerg, den 04.02.2019

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 85 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës Question élargie fir déi nächst Séance publique un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro Nummer 25 hunn ech den honorabelen Educatiounsminister gefrot, wisou verschidde Chargés de Cours a Chargés d'Educatioun säit August kee Salaire kritt hätten. Hien huet mir geäntwert, datt verschidde Persounen, déi fir d'Rentrée 2018/2019 nei agestallt gi wären, opgrond vun onkompletten Dossiere verspéit bezuelt gi wären. A menger Question parlementaire Nummer 103 hunn ech nach emol nogefrot, wisou verschidde Persounen, déi scho méi laang an hirem Beruff sinn, iwwert den August an och nach weider am Hierscht keen oder e ganz geréngе Salaire kritt hätten. Den Här Minister fir Ëffentlechen Déngscht huet mir an der Äntwert duergestallt, wéi sech déi ganz kleng Iwwerweisungen, déi verschidden Employéen erhalen hunn, erkläre loossen. Sou huet de Minister geschriwwen, dass ganz kleng Beträg ausbezuelt ginn, wann des „duerch eng verspéiten Deklaratioun vun zousätzleche Remplacements Stonnen, dem retroaktiven Ausbezuele vun enger Familljenzoulag, dem Zréckbezuele vu Steieren oder dem Ajustement vum Steierkredit duerch de Centre de gestion du personnel et de l'organisation de l'Etat (CGPO) bei der Clôture vum Steierjoer am Dezember 2018, entstane sinn." Dat war duerchaus erhellend, mee meng Haaptfro ass ëmmer nach onbeäntwert. Des geréng Montante misste jo zousätzlech zu de reguläre Paien ausbezuelt ginn, an net aplaz vun dësen. Wisou Persounen, deenen hier Dossiere säit laangem komplett sinn, well se säit laangem an hirem Beruff Täteg sinn, wärend e puer Méint keen oder en ze geréngе Salaire kritt hunn, bleift ëmmer nach ongekläert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister am Kader vun enger Question élagie an der nächster Seance publique dës Froe stellen:

- Wéi vill Persounen, déi scho virun der Rentrée 2018-2019 als Chargé an enger Schoul täteg waren an deenen hir Kontrakter fir déi lescht Rentrée weider gelaf sinn, kruten tëscht August an dem haitegen Datum wärend mindestens engem Mount keen oder en ze geréngе Salaire iwwerwisen?

- Wisou ass et zu dëse Verspéidungen a Fehlbeträg beim Ausschëdde vun de Salaire komm?

- Wéi héich ass de Gesamtmontant u Salairen, déi säit August 2018 verspéit oder nach guer net u Persounen, déi scho virun der Rentrée 2018/2019 agestallt gi waren, ausbezuelt goufen?

- Wéi erkläert d'Regierung sech, datt 2254 Agente bei der Rentrée 2018/2019 onkomplett Dossieren haten? Waren déi nei Employéen iwwerfuerdert mat der Unzuel u gefuerderten Dokumenter oder sinn d'Dokumenter villméi vu staatlecher Säit aus ze lues iwwermëttelt ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 22 février 2019

Objet : Question élargie n° 5 du 22.02.2019 de Monsieur le Député Sven Clement - Salaire des chargés de cours et des chargés d'éducation

Monsieur le Ministre,

Conformément à l'article 85 du Règlement de la Chambre, j'ai l'honneur de vous communiquer ci-joint une question élargie adressée à Monsieur le Ministre de la Fonction publique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Pour le Président,

Mars Di Bartolomeo
Vice-Président de la Chambre des Députés